



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Ministre déléguée auprès du Premier
ministre, chargée des Relations avec le
Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 847xb0fdd

Luxembourg, le 1er mars 2024

Concerne : Assurancen vun den Gefierer sollten dem Alter ugepasst gin an net emmer ob den
neie Präis

Madame la Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma prise de position à la pétition n° 3004 sous rubrique.

Veuillez agréer, Madame la Ministre, l'expression de mes salutations les meilleures.



Gilles Roth
Ministre des Finances

Stellungnam vum Minister Gilles Roth op d'Petitioun n°3004 mam Titel : "Assurancen vun den Gefierer sollten dem Alter ugepasst gin an net emmer ob den nei Präis"

An der Autosassurance muss den Ënnerscheed gemaach gin zweschen der obligatorescher Autoshaftpflichtversécherung an der fakultativer „Casco-Versécherung“.

Die obligatoresch Autoshaftpflichtversécherung rembourséiert d'Schied vun drëtt Persounen déi Affer vun engem Autosaccident gi sinn, während d'CASCO Versécherung fir Schied obkennt déi een ongewollt selwer un sengem Gefier gemaach huet.

Bei der obligatorescher Autoshaftpflichtversécherung berechent sech d'Assurancëprimm ob Basis vun dem materiellen a Kierper Schied dei den schëllegen Chauffeur enger aanerer Persoun kann zoufügen. Den Alter vum Auto, deen an den Accident verwéckelt war, ass dobäi net ausschlaggebend. Des weideren, profitéieren Assuré'en déi keng Accidenter hu vun enger reduzierter Assurancëprimm duerch de gesetzlech festgeluechten Bonus-Malus System.

Bei der facultativer „Casco-Versécherung“ gëtt d'Assurancëprimm och nëmme wéineg beaflosst vum Alter vum Auto. D'Reparaturkäschte vun engem méi aalen sinistréierten Auto sinn nämlech net onbedéngt méi bëlleg, wéi déi vun engem neien Auto. D'Main d'oeuvre an den Autosgaragen sin bei den Reparaturen vun aalen oder neien Auto'en ähnlech heich. Statistesch sinn Accidenter mat méi aalen Autoen och méi frequent wéi mat méi neien Autoe, wat en zousätzleche Risiko ass dee bei der Tarificatioun muss berücksichtegt ginn.

Allgemeng gëllt dass d'Assureure fräi sinn fir z'entscheeden wéieng Parameteren en compte geholl ginn fir d'Assurancëprimm ze berechnen. Nëmmen esou ka gewährleistet ginn dass de Marché kompetitiv a konkurrenzfäeg bleift.